ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 05. Oktober 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Dat europäescht-kanadescht Handelsofkommes CETA ass bekanntlech scho provisoresch a Kraaft. Op der anerer Säit huet dat zyprioteschen Parlament dëse Summer eng Ratifizéierung vum sougenannte CETA-Accord refuséiert. Dat war de Fall well d'Majoritéit vun den Deputéierten aus dem Parlament vu Nikosia fäert, datt wichteg landwirtschaftlech Produkter déi fir den Export bestëmmt sinn, da net méi genuch geschützt sinn. Een Haapt-Beispill ass hei den Halloumi-Kéis. Gefaart gëtt virun allem datt grouss Konzerner, duerch en A-Kraaft-Triede vum CETA-Accord, ze vill Muecht kréien, dat virun allem well dës doduerch Virrechter beim Festleeë vun industrielle Standarde kréien.

Déi däitsch Bundesregierung déi de Moment d'EU-Rotspresidentschaft assuréiert, huet rezent matgedeelt datt si, trotz dem zyprioteschen Nee, net bereet ass fir den Accord nozeverhandelen.D'Regierung op Zypern hat awer no der Ofstëmmung am Parlament ugekënnegt fir noverhandelen ze wëllen. Bis elo hunn eréischt eng 15 EU-Länner de CETA-Accord ratifizéiert, dorënner och Lëtzebuerg. Bei eisem däitschen Noper, zum Beispill, ass dee Prozess nach net ofgeschloss, well nach op en Urteel vum Bundesverfassungsgeriicht gewaart gëtt. An Däitschland an och an anere Länner wéi Frankräich,Italien an och Lëtzebuerg gëtt et gesellschaftleche Widderstand géint d'CETA-Ofkommes.

Dowéinst wéilt ech den Häre Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung datt de CETA-Accord, wéinst dem zyprioteschen Nee, muss noverhandelt ginn? Ënnerstëtzt d'Lëtzebuerger Regierung Däitschland a senger Positioun fir net nozeverhandelen oder ass d'Lëtzebuerger Regierung an dem Punkt op der Säit vun Zypern?
2. Wéi eng rechtlech Auswierkungen huet, der Lëtzebuerger Regierung no, den zyprioteschen Nee, esou wuel op de CETA-Accord als Ganzt, wéi och op den Deel den, dem EU-Conseil no, nach an an der Kompetenz vun de Memberstaate läit?

3. Wéi eng laangfristeg Auswierkungen op d'Ratifizéierungsprozedur vun EU – Handelsaccorde kann den zyprioteschen Nee hunn?
4. Wéi eng Auswierkungen op d'EU-Baussenhandelsbezéiungen huet den zyprioteschen Nee?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742